N°4540
Reçue le 24.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.06.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

D'militäresch Fuerschung an Entwécklung sinn amgaang ëmmer méi modern Apparater ze entwéckelen, déi de Mënsch a Mënscheliewe schoune sollen. Onbemannte Gefierer a Fliger awer och Roboter a Ganzkierperschutz ginn ëmmer weider entwéckelt. Fir Lëtzebuerg ass dat Feld am Kontext vun eise versprachene budgetären Ustrengunge fir d'Nato an d'Verdeedegung awer och um Gebitt vun der Fuerschung an der Wirtschaft intressant.

An Däitschland ass d'„Bundesamt für Ausrüstung, Informationstechnik und Nutzung der Bundeswehr" aktuell derbäi, Robotere fir d'Militär ze testen. Dat selwecht gëllt och an den USA an a villen anere Länner. Am Kontext vun den deieren Uschafungen, déi nach op eis Arméi zoukommen, wollt ech dës Froen un den Här Verdeedegungsminister stellen:

1. Wann een d'Wichtegkeet vun deenen neien Robotertechnologien a ville Länner gesäit, wéi z.B. an Däitschland, wär dann eng Lëtzebuerger Kooperatioun an dësem Beräich mat anere Länner net ugeroden?
2. Ass en Deel vum Lëtzebuerger Knowhow net grad och fir déi nei Militärtechnologie relevant – denke mer u Materialfuerschung, Informatik a Kommunikatioun – a gesäit den Här Minister Méiglechkeeten, eis Kompetenzen do verstäerkt anzebréngen?
3. Huet de Verdeedegungsministère Roboteren an Dronen, déi grad enger klenger Arméi vill Méiglechkeeten offréieren, als eventuell Uschafungen am A? Ass en Ausbau vun deenen Technologien och am Beräich vum Deminage virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten